



sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 24. Juni 2024

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 27. Juni 2024

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengeréit erlaben sechlech folgend Fro ze stellen a géifen sech iwwer eng Äntwert am Gemengerot vum 27.06.2024 freeën. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mirlech an der Suite ons Är Äntwert an engem rasonablen Delai schréftlech zoukommen ze loossen.

Fro 1:

Um Busterminal beim Gemengenatelier gouf Opluetstatioun an en Transformator ewech geholl, de Sockel ass stoe bliwwen. Sinn Entreprisë vun der Gemeng ugeschriwwen ginn, fir den Terrain erëm an den Zoustand ze setzen, wéi e war?

Toilette um Busterminal ass an engem ganz schlechten Zoustand. Well Toure vum RGTR geännert hunn, an de Busterminal net méi gebraucht gëtt, free mir op Toilette nach gebraucht gëtt?

Wann net, kéint se ewech geholl ginn?

Fro 2:

An der Gemengerotssëtzung vum 30. November 2023 gouf den Amendement vun der CSV Sandweiler zum Punkt 3 vum ROI ofgeleent mat der Begrënnung de Schäfferot wéilt „alles“ digitaliséieren. Ob Nofro zur Dauer vun deenen Digitaliséierungsbeméiungen huet Mme Buergermeeschtesch ons geäntwert dëst géif ongeféier 3 Méint daueren.

- Wat ass genau geplangt ze digitaliséieren? / Wat ass ënner „Alles“ ze verstoen?
- Wat dovun ass méttlerweil ëmgesat?

Recu 24.06.2024



Säit 1 / 3

| | | | | | | | | | | | |
|-----------------------|----|----|----|----|----|----|----|----|----|--|--|
| Commune de Sandweiler | | | | | | | | | | | |
| n° Ges: | | | | | | | | | | | |
| dt: 24 JUIN 2024 | | | | | | | | | | | |
| B | CE | SA | ST | BP | IC | RH | RE | PO | SC | | |
| BN | GC | HL | LS | NP | PC | RG | SI | SM | SS | | |
| TD | WA | WJ | RJ | PG | | | | | | | |

Fro 3:

No enger Fro vun der CSV an der Sëtzung vum 23. Mee betreffend dem deemools net méi fir jiddereen accessibelen Defibrillator, gouf dësen nom schréfftlechen Areeche vun onser Fro en Urgence nees accessibel gemaach. CSV bedankt sech ausdrécklech fir déi séier Reaktioun. Den Demontage vun engem Deel vun der neier Clôture kann awer just als akzeptabel temporaire Léisung ugesi gi fir den Defibrillator nees accessibel ze maachen.

Ass geplangt den Defibrillator ob eng méi exposéiert Platz ze verréckelen, oder ob méi sichtbare Plazen entspriechend Schëlde opzehänken déi op den aktuell gutt verstoppten Emplacement vum Defibrillator hiweisen?



Fro 4:

An Ärer Äntwert ob ons Fro aus der Sëtzung vum 7 Mäerz betreffend dem Projet aus dem Budgetposte 4/910/223410/99002 (Aquisition de parasols pour la terrasse et l'aire de jeux de l'école, sise rue Nicolas Welter à Sandweiler.) hutt Dir ons deemools informéiert dass Prozedur fir d'Uschafen am Gaange wär.

Ass dat néidegt Material méttlerweil bestallt, a wa jo, wéini gëtt et viraussichtlech geliwwert a montéiert?

Fro 5:

Wat ass den aktuelle Stand vum Projet „neie Ressourcenzenter“ zu Mënsbech?

Sinn d'Pläng fäerdeg?

Sinn d'Pläng an der Prozedur?

Ware schonn Ausschreiwungen?

Wann jo, wat kascht de Ressourcenzenter am ganzen a wéi héich ass de finanziellen Deel vun der Gemeng Sandweiler?

Wéi vill Subside kritt d'Gemeng Sandweiler dofir vum Staat?


Fro 6:

Gouf de plan pluriannuel de financement 2024 (PPF2024), sou wéi am Circulaire vum Ministère de l'intérieur n° 2023-137 gefrot, bis spéitstens de 15 Februar 2024 un de Ministère des Affaires Intérieures geschéckt?

Fro 7:

Wat ass de Grond dofir de Plang vum Parc, wéi an der Sëtzung den 23 Mee presentéiert, net ze publizéieren oder de Gemengeréit zur Verfügung ze stellen?

Vu de « Sandweiler Aktuell 10-2024 » an d'Veigerung de Plang zur Verfügung ze stellen an de publizéieren, gesäit et sou aus wéi wann de Schafferot dee Plang nach mol géif iwwerschaffen. Ass deem sou?



Romain DUMONG
Conseiller



Jean LEMMER
Conseiller

